Lëtzebuerger Guiden a Scouten

D'Entreprise bei de CaraPio

D'Thema vun enger Entreprise gëtt vun de CaraPio selwer an enger (1 !) Versammlung gesicht!

Virdeeler:

- ☺ D'Wënsch an d'Iddie vun de CaraPio selwer gi realiséiert
- ☺ D'CaraPio identifizéiere sech mat der Entreprise
- ☺ Et kommen och emol nei, geckeg an onkonventionnel Iddien
- ☺ Duerch e „künstleche Stress" gëtt d'Kreativitéit gestëppelt

Problemer :

- ✋ Et „kënnt guer näischt"
- ✋ Déi selwecht Entreprise kommen ëmmer erëm
- ✋ Et si just kuerz "Konsum"-Entreprisen
- ✋ Et feelt u Selbstvertraue fir eppes Neies ze probéieren
- ✋ D'Leit hu keng Loscht fir sech unzestrengen
- ✋ Allgemenge Latz fir iwwerhaapt eng Decisioun ze huelen
- ✋ Well "jo dach näischt vun de CaraPio kënnt", imposéiert de Staff eng Entreprise, well en ongedëlleg gëtt

Weess du datt :

- 👌 déi scheinbar onméiglechst Iddi eng erausfuerdernd, flott, geckeg Entreprise gi kann
- 👌 ee ganz bewosst esou eng "geckeg" Entreprise maache kann, si muss awer dann dem Niveau an den Usprëch vun de CaraPio ugepasst sinn; och muss si vu vir eran als seriéis Entreprise oder als manner seriéis *Fun*-Entreprise agestuuft ginn.

Entreprise sichen a fannen :

- ∗ ëmmer de Reflex hunn, eng gutt Entreprise, déi een iergendwou gesäit, ze verhalen (och am "Zivil")
- ∗ d'Entreprise läit an der Loft well einfach e Besoin vun de CaraPio do ass (Kultfilm kucken, Weekend, thematesch Diskussioun,...)
- ∗ d'Entreprise gëtt vu bausse virginn (Gruppentheaterowend,

Chrëschtmaart, Gruppemontée, ...)
* d'Entreprise ass néideg (Sue verdénge fir de Camp, ...)

Oder :

* Brainstorming : *all* Iddi, déi an de Raum geschmass gëtt, gëtt op e Panno geschriwen. Währenddeem däerfe *keng* Kommentaren oder Evaluatioune gemaach ginn.
  Alternativen : an Equipen, mat Spillelementer, thematesch festgeluegt,.... .

* Brainwriting : jidferee schreift seng Iddien op e Blat ouni ze schwätzen oder sech vum Noper ze inspiréieren.
  Alternativen :
  - am Krees schreift jidferee seng Iddien op e Blat a gëtt et weider; deen nächste schreift eng Zousaziddi, déi op déi vu sengem Virgänger opgebaut ass, op dat Blat. Esou entsti schon éischt Jalone vun enger neier Entreprise.
  - et geet drëms esou vill wéi méiglech Entreprise mat engem bestëmmte Buchstaf ze fannen.

* ...

Duerno :

* D'CaraPio sollen sech op zwou bis dräi Entreprise (evtl. pro Equipe) festleeën (duerch Ofstëmmen, Diskussioun oder ....)
* Déi zwou bis dräi Entreprise ginn dann zesumme mat de CaraPio op hir Ëmsetzbarkeet analyséiert. Duerno gëtt sech dann definitif festgeluegt.

Entreprise sichen

zum Beispill :

A
Aborigines
Actionpainting
Amateurfunk
Archeologie
Astrologie
Astronomie
Ausland
Auslänner
Auto bauen
B
Baach
Batik
Beem
Biergbau
Bijoue maachen
Biotop
Bodypainting
Bonne Action
Buurgbrennen
C
Camp
Champignoen
Chimi-Experimenter
Chrëscht-Entreprise
Collagen
Computer
D
Diasmontage
Diskutéieren
Draach bauen
Drauwelies
E
EU
Éischt Hëllef
Ëmfro
F
Fabrik besichen
Fëschen
Film dréien
Floss bauen
Folklordänz
Formicarium
Froissetage
Fotoen entwéckelen
G
Geologie
Golf spillen
Golf"green" uleeën
GPS-Vermiessung
H
Heelkraider
Heissloftballon
Herbarium
Hike
I
Internationale Jumelage
J
Jumelage
K
Kachen
Kayak
Kino
Klammen
Konstruktiounen
L
Landvermiessen
Leem
M
Maquette
Mass animéieren
Medien
Menüer erfannen
Moudeschau
Mountainbike
Musekgrupp bilden
Musekinstrumenter bauen
Musektexter analyséieren
Musektexter ëmschreiwen
N
Naturschutz
Nuetsraid
O
Oekologie
Offroad
Offall
Ofseelen
Orientatiounslaf
P
Pabeier maachen
Pantomime
Paragliding
Party
R
Radiosendung
Rafting
Raid
Rakéit bauen
Rally
Rassismus
Raumfaart
Recycling
Reiden
Relaxation
Relioun
Rettungstechniken
Rollerblades
S
Seidemolerei
Sekten
Selfdefense
Ski
Sozial Aktioun
Specksteenskulptur
Speleo
Spiller erfannen
Spillfest
Suchtpreventioun
Survival
T
Talkshow
Tandem bauen
Tauchen
Theaterspillen
U
U.N.O.
Unoconcours
V
Videospillerolympiad
W
Wanterhike
Wierderstatioun
Windsurfen
X
Y
Ytongskulptur
Z
Zeitung
Zivilcourage ...